LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4395 vun den honorabelen Deputéierten Ricardo Marques an Diane Adehm am Kader vum Ëmgang vun der Canicule an de Wunnstrukturen fir eeler Leit.

1. *Gedenkt den Här Minister en nationale Klima-Resilienzplang fir allequerten d'Alters- a Fleegeheemer auszeschaffen, dee souwuel fir nei wéi och fir bestoend Strukture verbindlech Orientéierunge virgesäit?*

2. *Wéi eng konkret Conclusioune wëllt de Ministère aus dem ugekënnegte Bilan mat der COPAS zéien, a bis wéini ass mat konkrete Mesuren ze rechnen?*

Déi aussergewéinlech Hëtztperiode huet ënnerstrach, wéi wichteg et ass, d'Wunnstrukturen fir eeler Leit op d'Auswierkunge vum Klimawandel virzebereeden. Wéi an der Äntwert op d'parlamentarech Fro N°4363 beschriwwen, huet den 3. Juli een Austausch tëscht Vertrieder vun der Copas, der AMMD, dem Gesondheets- an och dem Familljeministère stattfond fir d'Gestioun vun der Canicule z'evaluéieren. Eng weider enk Zesummenaarbecht am Kader vun der « Commission permanente pour le secteur des personnes âgées[1] » soll fir d'Zukunft weider Verbesserungspotential opweisen. Ech hunn dofir déi genannte Commission permanente saiséiert fir d'Erfarunge vun dëser Hëtztwell auszewäerten an déi bewäert Praktiken z'analyséieren, déi schonn haut an de Strukture ëmgesat ginn.

Am Kader vun dësen Aarbechte ginn national Recommandatiounen ausgeschafft, fir de Gestionnairen eng Hëllef ze bidden, sech nach besser un extrem Wiederkonditiounen unzepassen. Dobäi muss berécksiichtegt ginn, datt d'Gebaier sech zum Deel staark ënnerscheeden, sief et wat d'Baujouer, d'Konstruktioun, d'Orientéierung, d'Gréisst oder d'technesch Ausrëschtung ugeet. Eng differenzéiert Approche ass néideg, fir den ënnerschiddleche Realitéiten um Terrain gerecht ze ginn. D'Analyse soll opweisen, wéi eng Approchen sech besonnesch bewäert hunn a wou nach Verbesserungspotenzial besteet.

[1] *Art.102.(4) de la loi modifiée du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées ;*
La Commission se compose :
1° de deux représentants du ministre ayant la Famille dans ses attributions ;
2° d'un représentant de la Direction de la santé sur proposition du ministre ayant la Santé dans ses attributions ;
3° d'un représentant du ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions ;
4° d'un représentant de l'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance sur proposition du ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions ;
5° de deux représentants des professions de la santé dont un médecin proposé par l'association la plus représentative des médecins et médecins-dentistes et un professionnel de santé proposé par le Conseil supérieur de certaines professions de santé ;
6° de deux représentants du groupement le plus représentatif des organismes gestionnaires de services pour personnes âgées ;
7° d'un représentant du Conseil supérieur des personnes âgées.

D'Elaboratioun vun de genannte Recommandatioune befënnt sech aktuell an der Finalisatioun. Donieft lafen och Aarbechte fir z'analyséieren, wéi d'Gestionnairen an Zukunft bei hiren Investitiounen an d'Klimaresilienz zousätzlech finanziell ënnerstëtzt kënne ginn. Soubal dës Aarbechten ofgeschloss sinn, wäerten d'Resultater dovu kommunizéiert ginn.

3. *Gëtt bei neien Alters- a Fleegeheemer schonn haut systematesch op Klimaresilienz geuecht?*

Bei neien Wunnstrukturen fir eeler Leit gëtt schonn haut systematesch op Klimaresilienz an thermesche Komfort geuecht. An alle Projeten, déi sech aktuell an der Planifikatioun oder an der Ausféierung befannen, ass eng Ofkillung souwuel vun den gemeinsamen Openthaltsräim wéi och vun den Zëmmer vun de Bewunner virgesinn. D'Léisunge variéieren jee no Projet a Gebaikonzept. Dobäi kommen ënner anerem baussenzeg Sonneschutzsystemer, Killplaffongen, Klimaanlagen, Killbatterien an de Ventilatiounsanlagen, thermesch aktivéiert Dallen oder aner innovativ Technologien zum Asaz.

4. *Ass virgesinn dës Critèrë fir d'Klimaresilienz an Zukunft als Standard bei allen Neibauten an och bei Ëmbaute virzeschreiwen?*

D'Ausféierungsreglement vum 21. September 2023 zum Qualitéitsgesetz iwwert d'Servicer fir eeler Leit gesäit vir, dass déi gemeinsam Openthaltsraim mat engem System fir d'Ofkillung equipéiert musse ginn. Fir bestoend Strukturen ass zousätzlech drop hinzeweisen, dass den Artikel 106, Paragraf 1, vum Qualitéitsgesetz virgesäit, dass d'Gestionnairen, déi Aarbechte vun Transformatioun, Moderniséierung oder substanziellen Ëmbaumoossnamen duerchféieren, verflicht sinn, sech un déi nei gesetzlech Infrastrukturufuerderungen vum Qualitéitsgesetz unzepassen. Zousätzlech schreift de geännerte Règlement grand-ducal vum 9. Juni 2021 iwwert d'Energieeffizienz vu Gebaier, fir Neibauten an gréisser Renovatiounen, allgemeng Krittäre fir d'Klimaresilienz vir. Dorënner fält ënner anerem de Schutz géint Iwwerhëtzung am Summer.

Donieft ass am Kader vun der Evaluatioun vum Gesetz iwwer d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit ausserdeem virgesinn, z'analyséieren inwéifern de reglementaresche Kader an dësem Beräich ugepasst ka ginn. Des Weideren ass, wéi uewe beschriwwen, an alle Projeten, déi sech aktuell an der Planifikatioun oder an der Ausféierung befannen, eng Ofkillung souwuel vun den gemeinsamen Openthaltsräim wéi och vun den Zëmmer vun de Bewunner virgesinn.

5. *A wéi wäit ginn Investitiounen an Hëtztschutz- a Killmoossname bei der finanzieller Ënnerstëtzung duerch de Familljeministère berécksiichtegt?*

Investitiounen, déi zum Wuelbefannen, zur Gesondheet an zur Sécherheet vun de Bewunner bäidroen, hunn eng héich Prioritéit. Bei neie Projeten sinn Hëtztschutz- a Killmoossnamen integral Bestanddeeler vum bautechneschen a funktionelle Konzept a ginn am Kader vum Projet finanziell berécksiichtegt an ënnerstëtzt. Och bei bestoende Gebaier accordéiert de Ministère am Kader vu Projeten zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit an dem Wuelbefannen vun de Bewunner eng finanziell Ënnerstëtzung fir entspriechend Adaptatiounsmoossnamen. Fir d'Klimaresilienz vun de Strukture weider ze stäerken, lafen ewéi gesot aktuell Aarbechte fir z'analyséieren, wéi d'Gestionnairen an Zukunft bei dësen Investitiounen zousätzlech finanziell ënnerstëtzt kënne ginn.

6. *Wäerten am Ministère spezifesch Programmer oder finanziell Hëllefen op d'Bee gestallt ginn, fir eeler Alters- a Fleegeheemer klimatesch nozerüsten?*

D'Adaptatioun vu bestoenden Infrastrukture stellt eng wichteg Erausfuerderung duer. D'finanziell Ënnerstëtzung fir Investitiounsprojete ass schonn haut am Kader vum ASFT-Gesetz méiglech. Dorënner falen och Investitiounen, déi dozou bäidroen, d'Infrastrukturen un d'Auswierkunge vum Klimawandel unzepassen an den Hëtztschutz ze verbesseren.

Doriwwer eraus ass de Ministère am Dialog mat de concernéierte Gestionnairen, fir de konkrete Besoin un Ënnerstëtzungsmoossnamen ze evaluéieren. An deem Kader hunn ech, wéi beschriwwen, d'Commission permanente saiséiert fir Recommandatiounen auszeschaffen, fir de Secteur nach besser op d'Auswierkunge vum Klimawandel unzepassen.

D'Elaboratioun vun de genannte Recommandatioune befënnt sech aktuell an der Finalisatioun. Donieft lafen och Aarbechte fir z'analyséieren, wéi d'Gestionnairen an Zukunft bei hiren Investitiounen an d'Klimaresilienz zousätzlech finanziell ënnerstëtzt kënne ginn. Soubal dës Aarbechten ofgeschloss sinn, wäerten d'Resultater dovu kommunizéiert ginn.

7. *Wéi wëllt den Här Minister sécherstellen, datt och Bewunner, déi aus gesondheetleche Grënn hir Zëmmer net oder nëmme schwéier kënne verloossen, bei extremen Hëtztperioden adequat geschützt sinn?*

De Schutz vu besonnesch vulnerabele Bewunner ass eng iewescht Prioritéit. D'Gestionnairë setzen dofir wärend Hëtztperioden eng Rei vu präventiven an organisatoresche Mesuren ëm. Dës ëmfaassen eng verstäerkt Opsiicht, eng regelméisseg Hydratatioun, individuell Betreiungspläng an eng Upassung vum Alldag un déi héich Temperaturen duerch Fleegerpersonal.

Bei Bewunner, déi bettlägeresch sinn oder hir Zëmmer just mam Bett kënne verloossen, ass d'Roll vum Fleeg- a Betreiungspersonal besonnesch wichteg. De Ministère setzt dofir op d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vun de Mataarbechter, fir Hëtztrisiken fréi z'erkennen an adequat ze reagéieren. Dorënner falen ënner anerem d'Verdonkelung vun de Raimlechkeeten, ugepasste Beléftungsstrategien, individuell Ofkillungsmoossnamen, d'Iwwerwaachung vun der Flëssegkeetsopnahm an eng enk Begleedung vun de concernéierte Bewunner.

Duerch dës Kombinatioun vu bautechneschen, organisatoreschen a fleegeresche Mesure soll de Schutz an de Komfort vun de Bewunner och bei laang unhalenden Hëtztperioden esou gutt wéi méiglech garantéiert ginn.

Schlisslech sollen och an dësem Kader d'Recommandatiounen déi vusäite vun der Commission permanente ausgeschafft ginn, de Gestionnairen eng zousätzlech Orientéierung bidden.

8. *Rechent den Här Minister domat, datt d'Investitioune fir d'Klimaadaptatioun vun den Alters- a Fleegeheemer an de kommende Joren eropgesat musse ginn?*

De Ministère rechent domat, dass d'Investitiounen an d'Klimaresilienz vun de Strukturen an den nächste Joer weider klëmmt. Nieft der Tatsaach, dass déi technesch a klimatesch Ufuerderunge bei neie Gebaier engem méi héijen Niveau entspriechen, ewéi an der Vergaangenheet, ass och dovun auszegoen, dass déi ugeduechten zousätzlech Ënnerstëtzunge bei den Investitiounen an d'Klimaresilienz vun de bestoende Strukture weider Käschte mat sech bréngen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn